Frënn vum Camino de Santiago de Compostela

Am Kader vun de

**« Journées Européennes du Patrimoine 2024 »**

proposéieren

d'Frënn vum Camino
de Santiago de Compostela

de ganze

# LËTZEBUERGER JAKOBSWEE

ze goen

**vum 27. September
bis de 5. Oktober 2024**



## 1. ETAPP

## 27.09.2024



**Lieler – Rodershausen (18 km)**

Depart Lieler 9h00
Busarrêt: Schull
Parking Kierch

## 2. ETAPP

## 28.09.2024

**Rodershausen – Bettel [mat Bivels] (27,2 km)**
**Rodershausen – Bettel [ouni Bivels] (24 km)**

Depart Rodershausen 9h00
Busarrêt: Kierch
Parking: Kierch

Rodershausen – Stolzemburg (13 km)
Stolzemburg – Bettel [ouni Bivels] (11,5 km)

Depart Stolzemburg: 12h30
Busarrêt: Kierch

## 3. ETAPP

## 30.09.2024

**Bettel – Echternach Gare Routière (25 km)**

Depart Bettel 9h00
Busarrêt: Schmëdd
Parking: Kierch

Bettel – Dillingen (12,5 km)
Dillingen – Echternach G.R. (13 km)

Depart Dillingen: 13h10
Busarrêt: Déiljen



## 4. ETAPP

## 01.10.2024

**Echternach – Grevenmacher (22 km)**

Depart Echternach 9h00
Busarrêt: Gare Routière
Parking: Echternach Lac

Echternach – Berbourg (11,7 km)
Berbourg – Grevenmacher (10 km)

Depart Berbourg: 13h00
Busarrêt: Kierch

**No dëser Etapp ass um 17h00 Auer eng feierlech Mass an der Kräizkapell zu Gréiwemaacher. Duerno ass op der Plaz en Optrëtt vum Ensembel AD LIBITUM mat ale spuenesche Pilgerlidder. Nom Concert invitéiere mir op eng Receptioun am Kaplounshaus (4, rue de Luxembourg), wou de Siège vum Veräin ass.**

## 5. ETAPP

### 02.10.2024

**Grevenmacher – Senningen (22,3 km)**

Depart Grevenmacher 9h00
Busarrêt: Gare Routière
Parking: Musel

Grevenmacher – Betzdorf (11,5 km)
Betzdorf – Senningen (11,5 km)

Depart Betzdorf: 13h00 Gare Betzdorf

## 6. ETAPP

### 03.10.2024

**Senningen – Leudelange (22,6 km)**

Depart Senningen 9h00
Busarrêt: Kierch
Parking: Supermarché

Senningen – Kathedral (12,5 km)
Kathedral – Leudelange (10,5 km)

Depart Kathedral 13h00

## 7. ETAPP

### 04.10.2024

**Leudelange – Hellange (23,8 km)**

Depart Leudelange 9h05
Busarrêt: Op der Strooss
Parking: Kierfecht 1km

Leudelange – Budersberg (13,3 km)
Budersberg – Hellange (11 km)

Depart Budersberg: 13h00
Busarrêt:Butschebuerg

## 8. ETAPP

### 05.10.2024

**Hellange – Schengen (24,5 km)**

Depart Hellange 9h00
Busarrêt: Hellange Kierch
Parking: Kierch

Hellange – Mondorf Christophorus (11,6 km)

Beim Kaaschtel bei Altwis gëtt den Här Grün Jerry äis Explikatiounen iwwer de Kaaschtel.

Mondorf Christophorus – Schengen (12,6 km)

Depart Mondorf Christophorus: 13h05
Busarrêt: Mondorf Christophorus

**Eise Lëtzebuerger Jakobswee schléisse mir of mat engem Iessen am Restaurant L'Inconnu zu Schengen.**



Et ass jiddwerengem fräigestallt, entweeder dee ganze Wee (allen 8 Etappen) oder och nëmmen eenzel Etappe matzegoen.
Mat Ausnam vun där 1. Etapp sinn d'Etappen all an zwee Deeler opgedeelt, sou datt een och do nach decidéiere kann, entweeder déi ganz Etapp oder nëmmen den éischten respectiv nëmmen den zweeten Deel ze maachen.
D'Plazen, wou déi eenzel Deeler vun den Etappe fortginn, an och d'Auerzäite sinn all Kéier uginn. Et kënnt een op all déi Plaze mat dem ëffentlechen Transport (kuckt op: mobiliteit.lu).

**Fir datt mir ongeféier wëssen, wéivill Leit op watfir engen Deel-/Etappe matginn, sollt Dir Iech wegl. bis den Dag virun der Etapp umellen iwwer de Kontaktformular op eiser Websäit:**

**www.caminosantiago.lu**

**Och fir d'Iessen de leschten Dag (5. Oktober) am Restaurant « L'Inconnu » zu Schengen muss een sech am Viraus umellen.**

*Buen camino!*

Frënn vum Camino de Santiago de Compostela a.s.b.l.
Siège social: 4, rue de Luxembourg L-6750 Grevenmacher